Begréisse vun :

D'Gemengeconseilleren d'Mmes Martine Mergen an Isabelle Wiseler, den Här Maurice Bauer, CSV, d'Hären David Wagner a Justin Turpel Déi Lenk, den Här Tom Krieps, LSAP, de Comch Henri Oé, vum Proximitéitscommissariat Gaasperech, den Här Paschtouer Romain Kroeger, den Här Paul Reeff, Präsident vun der Union des Syndicat d'intérets locaux vun der Gemeng Lëtzebuerg, d'Madame Dr. Wahl, Präsidentin vum Hollerecher Interesseveräin, den Här Jean-Marc Fisch, Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin, d'Vertrieder vu de Gaasperecher Veräiner

Entschëllegt si : d'Mme Claudine Konsbrück, d'Häre Marc Angel an Armand Drews (LSAP) Fernand Kartheiser (ADR), Max Stoffel vun der DP-Sektioun Zéisseng/Gaasperech, Jean-Pierre Reuter, Präsident vun der Douane's Musek, Jomi Mossong, Präsident vum FC Tricolore, Gilles Hermes Präsident vun der Amicale vun de Scouten, d'Mme Bleser, Präsidentin vun de Fraen a Mammen, Mme Jeanne Schosseler an den Här Pierre Block, Member vum IVG

Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären!

De Comité huet sech d'lescht Joer direkt no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 5 mol zesumme komm.

Mir hun virun eiser Generalversammlung e RV beim Schäfferot gefrot an hun eisen Ordre du Jour eragereecht. Mir sinn dunn den 7. Januar dëst Joer empfaange ginn. Ech kommen herno bei de verschidden Dossiere'en dorop zréck.

Mir waren zu Zéisseng wéi de Schäfferot de Plan pluriannuel vun de Schoule virgestallt huet, mir waren an enger Reunioun vum Service Jeunesse vun der Gemeng wou de Jugendforum preparéiert ginn ass an mir ware beim Schäfferot am Kader vun eiser Reklamatioun fir de PAP Leemerwee.

Mir ware vertrueden an deene verschiddenen Informatiounsversammlungen déi am Kader vun de Gemengewahle vun de Parteien organiséiert gi sinn. Mir hunn eis Revendicatiounen déi 21 Punkte beinhalt hunn ofginn an folgend Punkte waren do opgezielt : de PAP Leemerwee, de Ban de Gasperich, d'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss, d'Fixerstuff, de Foyer scolaire, d'Entrée a Gaasperech vum Rond Point Gluck aus, Zone 30, Sécurisatioun vun den Zebrasträifen, de Parking nieft der Kierch, den Spigel am Rond-point bei der Auer, Deplacement vum Panneau signalétique vun der Beethovenstrooss op d'Escherstrooss, Spillplazen, d'Erhale vun de Schrebergärt an der Hogenbergstrooss, dat regelméissegt Botze vun de Spillplazen a bei de Containere'en, d'Iwwerschaffe vum Policerèglement. Op déi verschidde Punkte kommen ech herno nach zreck.

Nodeems dat Déi Lénk elo vertruede sinn am Gemengerot, haten si d'lescht Woch eng Reunioun hei organiséiert fir iwwert de Ban de Gasperich ze schwätzen. Och do ware mir präsent. Et gëtt elo en neutralen Aktiounscomité fir d'ganz Stad op d'Been gesat wou jiddereen ka matschaffen.

Mir hunn regelméisseg Kontakter mat eiser Quartierspolizei där mir eis Doléancen duerleeën : Z.B. d'net respektéiere vun der Zone 30 an der Circulation interdite, op den Ecke parken, d'Sécherheet asw.

Mir kruten Invitatioune vun der Gemeng fir op d'Koordinatiounsversammlung vun der Hall Omnisports, fir op d'Ouverture vun der Porte ouverte Mobilité an fir op der Ouverture vun dem Stater a Garer Chrëschtmaart deelzehuelen.

Mir waren am Juni 2011 an der Generalversammlung vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Mir waren och an enger Reunioun dobäi wou d'Usill déi Syndicat'en déi vum Findel betraff sin invitéiert hat.

Mir ware an de Generalversammlunge vun dem Hollerecher- an dem Zéissenger Interesseveräin. Mir waren och dobäi wéi de Schäfferot op Zéisseng komm ass fir hire Bilan virzestellen.

Mir hun deelgeholl un enger Reunioun wou et ëm d'Implantatioun vun Tanklager zu Märel gaangen ass. Et war eng Reunioun mat de Märeler/Belairer, Hollerecher- an Zéissenger Syndicat'en. Duerno hunn mir eng Entrevue gehat am Ministär de l'Economie wou och déi verschidde Verwaltunge present waren. D'Initiative fir Tanken grad op déi Plaz ze implantéieren ass vun der Gemeng Lëtzebuerg ausgaangen. Mir hu gefrot dat soll no alternative Siten gesicht ginn, wëll dëse Site aus verschiddene Grënn net akzeptabel ass. Mir sollen alleguer zu engem spéideren Zäitpunkt nach eng Kéier am Ministère de l'Economie zesumme kommen.

Wéi déi Joeren virdrun, hate mir den Dag vun der Commémoration nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Vun hei aus dem Monique Bernotte, de Chantres de Ste Thérèse an de Solisten e grousse Merci fir dat schéint musikalescht Encadrement. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall wou den IVG den Éierewäin offréiert huet. En häerzleche Merci geet un Scoute vu Gaasperech déi sech ëm de Service gekëmmert hunn.

Mir ware an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Wëll mir 2011 aus organisatoresche Grënn nët um Chrëschtmaart den 3. Dezember konnte matmaachen hate mir en Don gemaach.

Mir ware op e puer Reuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier, wou déi verschidden asbl'en elo eng gemeinsam Identitéit hun an sech Natur & Ëmwelt benennen. Mir sinn bei hinne Member a wéi all Joer sinn Vertrieder vun eis um Fest vun der Natur.

Mir ware bei deene Veräiner vertrueden, déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Leider ass et awer esou dat de Manifestatiounskalenner net ëmmer respektéiert gëtt, sou datt e puer Versammlungen openee falen a mir net iwwerall kënne sinn. Mir probéiere esou gutt wéi et geet bei d'Veräiner ze goen, wann si eppes organiséieren. Dëst Joer feieren d'Chantres de Ste Thérèse hiren 80. Gebuertsdag – mat hinne feiert d'Uergel hir 30 Joer – vun hei aus häerzlech Felicitatiounen.

Mir haten eng Ufro kritt vun der Maison des Jeunes vu Gaasperech fir op hirem Quartiersfest matzemaachen. Aus logistesche Grënn war dat fir eis awer net méiglech. Mir waren der Invitation vun der Maison des Jeunes nokomm a ware bei der Presentatioun vun hirem Projet Vivre ensemble dobäi.

Mir hunn och wéi an de virege Joeren de Kalenner vun de Manifestatiounen opgestallt. E decke Merci geet un de Jos Mantz vun de Chantres de Ste Thérèse, den Här Paschtouer Kroeger an dem Pol Silvestri vum Dëschtennis, déi de Membere vum Interesseveräi gehollef hunn dëse Kalenner hei am Quartier auszedroen.

Mir ware vertruede wéi de Café Colomb mat enger sympathescher Clôture zougemaach huet an als Merci dat Sonja Heinesch ëmmer vir eis do war hu mir hier e Kadosscheck iwwerreecht. Dem neie Patron vum Café Colomb wënsche mir vill Erfolleg.

Wéi dir wösst si mir säit dem 15. Oktober 2010 um Internet ze fannen. 2011 hat eise Site 97.000 Zougrëffer. Dir fannt op dëse Säiten ënnerenaner Informatiounen iwwert déi verschidden Dossieren an eng flott Fotosgalerie. Mir versichen sou vill wéi méiglech eis Säiten ze aktualiséieren an iech esou ze informéieren. Mir proposéieren de Veräiner och fir hir Manifestatioun op eise Site ze setzen halen eis awer vir, fir drop ze setze wat prioritär ass. Wann dir Froen zu dësem Site hutt, fannt dir eng Rubrik drop wou dir eis kontaktéiere kënnt. Leider kënne mir awer keng Garantie gi fir déi verschidden Informatiounen, mir kënnen nëmmen dat gleewe wat mir matgedeelt kréien. Wëll Gesetz geännert huet an sou jidderengem erlaabt op den Domain lu zeréckzegräife wat bis elo just dem Staat an de Gemenge reservéiert war hu mir 2011 den Domain gewiesselt esou dat dir eis elo ënnert gaasperech.lu erëmfannt. Dat bréngt natierlech mat sech dass och eis Email – Adresse wärt an nächster Zäit änneren. Mee ewéi gesot kënnt dir eis ëmmer iwwert d'Internetsäit fannen.

Mir hate den 12. November den Ensemble Makadammen mat hirem neie Programm invitéiert. Ett war e volle Succès mir hunn keng Flyeren am Quartier brauchen an d'Boîten ze geheien, nëmmen an de Geschäfter an op eisem Site war eis Pub ze fannen a mir hun leider Leit missen ofsoen.

En häerzleche Merci vun hei aus dem Liliane an dem Nico Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Dachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss an der Firma Steffes vun der Cloche d'Or, déi eis finanziell ënnert d'Äerm gegraff hunn. E grousse Merci och all deene Geschäftsleit aus dem Quartier an aus der Industriezonen esou wéi den Awunner vum Quartier, déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséiere. E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité so wéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upaken, Merci Louise a René. E ganz spezielle Merci gëllt de Jonge vum Dëschtennis, déi fir e fexsen Service am Sall gesuergt hunn. Merci och un d'Hilde, d'Helène, de Pol an d'Lis souwéi déi aner déi och bei eisen verschiddenen Organisatiounen am Service gehollef hunn.

Mir hunn och schonns Previsioune fir 2012 : de Syndicat ass den 17. Dezember 1932 gegrënnt ginn, huet misse wéinst dem 2. Weltkrich vum 21. Mäi 1940 bis den 9. Dezember 1944 seng Aktivitéiten nidderleeën, a feiert dëst Joer säin 80. Gebuertsdag. Mir hunn am Conseil d'Administratioun decidéiert keng grouss Feierlechkeeten ze maachen duerfir eisen Memberen a Netmemberen e schéinen Owend ze presentéieren an zwar steet um Programm : "TITANIC oder davon geht die Welt nicht unter…." Et handelt sech hei ëm eng international Musekrevue mat Titele vun ABBA, Beatles, Comedian Harmonists, Leonard Bernstein, Gilbert Bécaud, Franz Lehar, Giaccomo Puccini, Georges Bizet a Jacques Offenbach. Op der Bühn stinn d'Yännchen Hoffmann, de Carlo Hartmann, béid stinn ënneranerem an der Wiener Volksoper op der Bühn, den Serge Schonckert, een an enger Londoner Musicalschoul ausgebilden Duersteller, den Al Ginter, Museksprofesser am Conservatoire an déi bescht bekannten d'Sopranistin Gaby Wolter-Boever. Um Piano sëtzt den Erny Delosch, Militärmuseker a beschtens bekannt vun den Dëckkäpp.

Wann et iech also interesséiert schreift iech elo schonns den Datum vum 03. November op. Maacht iech sou fréi wéi méiglech bäi, well et si schonns Plaze reservéiert.

D'Militärmusek huet eis gefrot si géife rëm gär an Kierch op Gaasperech e Concert spille kommen. Mir hun do den 18. November fir dee Concert festgehalen. Et ass e Concert de

Bienfaisance an den Don soll dës Kéier un d’asbl Rahna, Muppen ënnerstëtze Leit am Rollstull goen.

Dann zum Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen a Suivien vun de verschidden Dossiere’en :

De PAP Leemerwee

Mir haten duerch Rumeuren héieren, datt dat Gebai wat am Bau ass op der Nr. 15 am Leemerwee, wou de Buergermeeschter eng Baugenehmegung eraus ginn hat fir e Foyer Alzeimer ze bauen, eng aner Destinatioun kritt. Bei dem Tour duerch de Quartier hu mir dunn de Schäfferot gefrot wat dat op sech hätt. Mee si konnten eis näischt soen. Mir hunn dorop e Bréif un d’Gemeng an och un de Fonds du Logement geschriwwen a gefrot, mir hätte jo matgedeelt kritt, datt eng Baugenehmegung eraus wier a wat da lo un der Rumeur dru wier. Vum Fonds de Logement hu mir bis haut nach keng Äntwert kritt a vun der Gemeng hu mir eng Kopie vun engem Bréif kritt, wou si dem Architektebüro, deen am Juni 2010 eng Modifikatioun vun der Baugenehmegung gefrot hat fir en Jongenheem ze bauen, eng negativ Äntwert ginn an dat eng Ännerung nëmme kann iwwert eng Ofännerung vum PAP gemaach ginn. D’Baugenehmegung misst also exekutéiert ginn, wéi virgesinn oder de Chantier gif zougemaach ginn. Dat war de Stand vun 2010. De PAP ass 2011 ofgeännert gi mä en huet net Denominatioun vun engem PAP Jongenheem esou wéi an dem Courrier vum Architekt gefrot gin war mee fir sech méi eng grouss Flexibilitéit ze ginn hunn se op der Gemeng gemengt de PAP misst elo Structure d’hébergement à caractère social heeschen. Mir hunn dogéint reklaméiert well mir fannen dat dës Denominatioun vill ze vague ass an dat esou all Dieren opstinn, mir sinn dorops hi vum Schäfferot gehéiert ginn, wou mir als éischt e Colportage envers les autorités communales virgehäit kruten. Well si jo ëmmer gesot hunn si géife vun näischt eppes wëssen si wäre selwer do iwwerrompelt ginn, hunn mir missen dem fréiere Buergermeeschter soen dat hien e Bréif am Juni 2010 kritt wou d’Modifikatioun gefrot ginn ass an hien eréischt am Oktober drop zu Gaasperech war. Dat si doriwwer net amused waren, jo dat versti mir mä dat ass keng Aart a Weis fir d’Bierger ze behandelen. Eis Reklamatioun ass zréck gewise ginn obwuel verschiddener vun de Conseiljee’en äis Crainte verstanen hunn ass de PAP definitiv votéiert ginn. Mir hunn dunn beim Inneminister reklaméiert. Mir krute vum Ministère en Accusé de réception mat der Remarque mir géifen iwwert seng Decisioun au Courant gehale gi wat awer bis haut nach net geschitt ass. Entretemps war seng Decisioun de 6. Februar um Ordre du jour vum Gemengerot an den PAP ass mat de Stëmme vun DP, Déi Gréng an CSV approuvéiert ginn. Sech enthalen hunn Déi Lénk an den ADR. Bleift nach ze soen dat mir eis vun all Colportage hei zu Gaasperech distanzéieren, mä mir kënnen net unhuele wann an engem Gemengerot déi Gréng Schäffin seet dat „datt Spillche wat den IVG respektiv seng Memberen aus dem Comité géif dreiwen de Schäfferot net matspillt“. Hei an dem Dossier PAP Leemerwee kann een sech Fro stelle wien spillt hei mat weem. Bleift nach ze soen dat mir d’Pièçë gefrot hunn am Kader vun der Kommodo/Incommodo-Prozedur, et huet ee 15 Deeg Zäit fir eng Reklamatioun eranzeginn, ma déi Pièçë krute mir genau den Dag drop wou den Délai ofgelaf war. Mir wëllen heimat de Beamte kee Reproche maachen, wëll déi kréie jo och gesot wat si ze maachen hunn.

Den Neie Foyer scolaire

2010 hate mir eng Versammlung mat der Representatioun des parents d’élèves vun der Schoul, déi eis hir Suergen ausgesprach hunn. Mir hunn si ënnerstëtzt bei der Gemeng an och an engem Courrier, wou mir drop opmierksam gemaach hunn, datt de Foyer, dee soll gebaut ginn, elo schonns ze kleng wier. Mir krute jo matgedeelt dat um Ban de Gasperich keng Famillje mat Kanner hin kommen an et wäre keng Schoul- a Sportinfrastrukture virgesinn. Op eise Courrier hin, wou mir froen, fir datt de Projet nach eng Kéier soll nogekuckt ginn, krute mir eng Äntwert et wär eng Baugenehmegung eraus

a mir kënne bannen 3 Méint iwwert d'Verwaltungsgeriicht reklaméieren. Mä, dat war jo net eis Fro..Mir hunn gefrot eng Äntwert ze kréie mä déi ass bis haut nach net komm. Mee et ass jo net nëmmen dat Gaasperech sech vergréissert am Ban de Gasperich, et ass och nach d'Reht II. an de PAP Wakebierg. Bei der Presentatioun vum Plan pluriannuel vun de Schoulgebaier krute mir gesot dat Populatioun vu Gaasperech vun 2010 : 5000 Leit op 7.700 Leit am Joer 2020 gif klammen. Op dem Site vum Hutmachesch-Haus an der Gaasperecherstrooss ass à court terme eng Crèche virgesin.

D'Eisebunnsbréck déi de Quartier mat der Rue d'Alsace verbënnt an d'Bréck am Millewee

Déi al Eisebunnsbréck war ëm 1900 gebaut ginn an huet missen ersat ginn. Am Oktober 2010 ass si jo deplacéiert ginn an déi Aarbechte sinn am Dezember 2011 fäerdeg gin. Déi al Bréck ass demontéiert ginn mä de Foussgängerwee resp. Vëlospiste sinn nach net fäerdeg. Während den Aarbechte krute mir vun der Eisebunn déi néideg Informatiounen iwwert den Timing, Week-ends oder Nuetsaarbechten. Dës Informatioune waren och op eisem Internetsite ze fannen. (Déi nei Bréck kritt eng Spannwäit vun 120m, eng Gesamthéicht vun 32m a si gëtt 18m breet, d.h. et ginn 2 Couloire fir d'Autoen, 2 fir d'Vëlos'en an 2 Trottoirë vun 2 m. Den Tracé gëtt no Westen deplacéiert an dat fir an engem spéideren Zäitraum d'Strooss un den geplangten bd de Hollerich unzeschléissen. An enger éischter Phase geet de Verkéier nach duerch rue d'Alsace.)

D'Aarbechten un der d'Bréck am Millewee, déi an engem schlechten Zoustand ass hun ugefangen. Si soll aus 2 Couloire fir d'Autoen an 2 Trottoiren, déi och vun de Vëloe kënne benotzt gi bestoen. Während dem Chantier soll den Trafic normal fonctionnéieren. Just wann déi al Bréck ofgerappt gëtt, hätt deen Deel während 24 Stonne keen Accès. Mir hunn bei de CFL gefrot fir iwwert de Suivi vun den Aarbechten informéiert ze ginn mä leider hunn mir nach keng Äntwert kritt.

Den Eck Gaasperecherstrooss/Escherstrooss

Op Grond vun engem Avis deen am Februar 2011 an der Zeitung publizéiert war, hu mir dem Schäfferot matgedeelt dat déi Baugenehmegung déi hien den 19. Januar 2010 erausginn huet bis elo nach net um Terrain affichéiert war an esou d'Leit net iwwert dëse Projet informéiert wären. Mir kruten dunn matgedeelt dat de Proprietaire den 3. Januar 2011 eng Verlängerung kritt huet an en duerno nach 8 Méint Zäit hätt fir seng Aarbechten unzefänken. Ausserdeem si mir informéiert ginn dat d'Gesetz iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain net virgesäit a wat fir engem Délai d'Autorisatioun muss affichéiert sinn. Mir hunn dat am Gesetz nogekuckt, den Délai fir um Tribunal administatif géint déi Decisioun ze reklaméiere fänkt un wann de Buergermeeschter Baugenehmegung eraus ginn huet an se muss och de selwechtem Dag op der Gemeng affichéiert sinn. D'Verlängerung vun der Baugenehmegung kann net méi laang wéi 1 Joer sinn soss ass se periméiert. Anescht ass et fir eng provisoresch Baugenehmegung déi op max 8 Joer kann gemaach ginn an duerno nach 2 x 3 Joer verlängert ginn. Eent steet fest, déi Leit déi do ronderëm wunne kënnen net am Fréijoer an am Summer mat dem Knascht vun dem delabréierte Site belästegt ginn an den Proprietaire misst duerfir suergen dat déi Plaz propper bleift. Eng Affaire à suivre….

De PAP Monopol, e Projet deen esou gutt Gaasperech wéi Zéisseng betrëfft

De PAP Monopol ass den 16. Dezember 2011 am Gemengerot provisoresch approuvéiert ginn. Mir hunn eis Piècë komme gelooss an eis mat dem Zéissenger Interesseveräin a Verbindung gesat. Mir hunn decidéiert fir eng gemeinsam Reklamatioun eranzerechen. Et handelt sech hei ëm de Bau vun 41.000 $m^2$. De Projet sträift op ongeféier 70 m d'Escherstrooss. D'Haaptbestanddeeler vun dëser Reklamatioun sinn ënner aneren: vun den 41.000 $m^2$ sinn nëmmen 2.500 $m^2$Wunnfläch virgesin. Op Grond vun der Suggestioun vun der zoustänneger consultativer Kommissioun huet de Schäfferot dunn

betount dat de Promoteur mat d'accord wär fir 10.000 $m^2$ Wunnfläch dran ze maachen. Mir froen eis ass do e schréftlechen Accord do. Wëll et muss ee wëssen an enger Zone mixte ass de Wunnengsbau net obligatoresch. Mir wëllen och wësse wat fir Wunnengen dohinner komme sollen, net dat et sou gét wéi am Ban de Gasperich, wou haaptsächlech Logements temporaires an Appart-hôtels'en solle kommen. Dann beonrouegt eis d'Stroosseninfrastrukture vun dem Projet. Duerfir froe mir e Gesamtkonzept iwwert d'Mobilitéit fir déi 2 Quartiere'en. Mir hunn drop opmierksam gemaach dat de Beruffsverkéier nëmme kann iwwert déi neie bd Raiffeisen an iwwert de neie bd. De Kockelscheuer drainéiert ka ginn. An och op Zéissenger Säit gëtt genau esou gemaach wéi am Ban de Gasperich et gëtt mol monter bäi gebaut awer de Schoul- Sports a Sozialinfrastrukture gëtt keng Rechnung gedroen.

PAP "Hinter den Gärten" – e Projet an der Beethovenstrooss

Mir hunn eis d'Pièce vun dem PAP komme gelooss deen an der Sëtzung vum Gemengerot vum 21. November 2011 provisoresch approuvéiert ginn ass.

Dann zum Ban de Gasperich

D'Gemeng Lëtzebuerg zesumme mat dem Promoteur PAP Grossfeld, keen anere wéi de Flavio Becca, haten de Projet bei der Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen ageschriwwen. Dësen neie Quartier vun der Stad Lëtzebuerg huet elo vun der DGNB en gëlle Certificat kritt. Basis fir en Certificat vun engem urbane Quartier sinn : 1. den Ensemble vu Gebaier mat hire Plazen a Parken op fir de Public an 2. Noperschaft vun engem urbane Quartier. De Projet gëtt certifiéiert op Grond vu 45 spezifesche Critèren déi a 5 Gruppe strukturéiert sinn, ënnerenanem falen do déi ecologesch, economesch, sozial, kulturell a technesch Qualitéiten drënner. Mir kënnen eis nëmme wonneren dat Stad Lëtzebuerg do matmécht wou dach herno de Promoteur wärt de Präis um $m^2$ méi héich bezuelt kréien an ausserdeem ass dat hei jo en Certificat fir e Projet, wou sinn dann d'Gare périphérique, den Tram, Prioritéiten op den ëffentlechen Transport, de Park, Sozial Infrastrukturen, keen Kaméidi an Stëbs vun de Chantiere'en, dat eenzegt wat mir kënnen erëm fanne bei de Critèren ass bei der Qualitéit écologique déi existent Biotopen... Iwregens gëtt et deen Zertifikat am Sëlwer, Bronze oder Gold. Fir Gold muss ee 85% vun de Gesamtkritèren erfëllen. A dann, esou e Certificat ass nët gratis.

Mir krute matgedeelt dat den 8. Dezember 2011 de Buergermeeschter eng Autorisatioun erausginn huet fir d'Installatioun vum Chantier, fir eng Wäschanlag fir d'Camion a fir en provisoresch Accès ze maachen op déi Parzelle wou elo de Chantier ugaangen ass an zwar op der Säit vum der Rue Bian. Et handelt sech hei ëm déi éischt Aarbechten am îlot G an zwar baut do Price Water House e Gebai vun 41.000 $m^2$ an dat hir Universitéit wärt installéiert ginn.

Am August 2011 hu mir eisen Intérêt bei den Gemengenautoritéiten ugekënnegt fir dat mir iwert de Projet vum Centre commercial a vum administrative Gebai sollen au courant gehale ginn. Dat selwecht hate mir gemaach fir de Projet fir 4 Wunnengsbleck. Dorops si mir am Oktober respektiv am Dezember informéiert gin dat de Buergermeeschter en Accord de principe ënnerschriwwen huet.

Wéi mir elo beim Schäfferot waren, krute mir vum Buergermeeschter gesot dat hien ënner kennen Ëmstänn eng Baugenehmegung ënnerschreift bis dat d'Stroosse fäerdeg wären.

Wann een den Artikel 37 vum Gesetz liest steet do däitlech dran dat de Buergermeeschter keng Baugenehmegung eraus gëtt bis dat Voirie-Aarbechten an déi ëffentlech Aarbechten déi Viabilitéit vun de Gebaier erlaabt net fäerdeg sinn, ausser dat d'Exekutioun an Delais'en, Participatioun un de Frais'en esou wéi d'Finanzement duerch

eng Conventioun regulariséiert sinn. Wann nach zousätzlech Voiries-Aarbechten ze maache sinn oder wann de Bauprojet méi wéi en ha iwwerschreid, muss eng Conventioun zwëschen dem Proprietaire vum Terrain an dem Gemengerot ofgeschloss ginn. Dës Conventioun beinhalt d'Finanzement vun den zousätzlechen Equipementer, gratis Cessioun vun den Terrain'en déi fir des Equipementer néideg sin, resp. Modalitéite fir Realisatioun vu soziale Wunnengsbau. Des Conventioun muss virun der Baugenehmegungen ënnerschriwwe sinn.

An der Chamber sinn de Bau vun deenen 2 Stroossen, de bd de Kockelscheuer an d'Verbreedung vum Bd Raiffeisen votéiert ginn an d'Aarbechte sollten nom Congé collectif am August 2011 ugoen. Mir sinn och haut nach ëmmer der Meenung, datt deen Deel vun der Raiffeisenstrooss op de Rond-point Gluck net néideg wier. Käschtepunkt vum neie Bd: 70,295 Milliounen Euros dovunner bezilt d'Gemeng 11 Milliounen + herno all Joer 403.000.- Euro Entretien. E schéine Kaddo méi, brauch een hei net ze soen.

Mir hunn am Schäfferot eis Remarquen iwwert d'Iwwerschwemmungsgebitt esou wéi zu dem Grondwaasserspigel gemaach, a mir krute gesot, datt déi Problemer musse geléist gi bei der Exekutioun vum Projet. Et wäre Moossname virgesin d'Situatioun géif sech net verschlechteren si gif bleiwe wéi si wär. Op eise Bréif de mir am Abrëll 2010 un den Ëmweltminister geschéckt hun krute mir nach ëmmer keng Äntwert, an de Kulissen héiert ee jo mir wëssen dat do Problemer sinn, mä et geschitt näischt oder dach …mä net dat wat mir wëllen.

Cour administrative hat 2009 den Reklamanten an engem Punkt vun hirer Reklamatioun am Kader vum Reklasséieren vun den Terraine'en am Ban de Gasperich Satisfaktioun ginn an deem se déi Deliberatioun vum 31. Januar 2005 esou wéi déi Ministerielle Approbatioun vum 14. Abrëll 2006 annuléiert huet. Et huet sech hei ëm Emklasséiere vum Terrain wou e neie Waassertuerm sollt komme gehandelt. De Gemengerot huet duerfir elo missen eng nei Prozedur ufänken an mir hun déi Dokumenter gefrot déi zu dësem Reklassement gehéieren.

De neie Park

Mir hunn mat de Responsabele vun dem Haus vun der Natur geschwat a mir hunn decidéiert fir eis gemeinsam déi Pläng vun dem neie Park unzekucken. Leider krute mir elo vum Schäfferot gesot dat déi Pläng nach nët sou wäit wären, de Schäfferot misst se nach vir d'éischt virgestallt kréien.

D'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss

Wat eis nach um Mo läit a wat en Thema wäert ginn an nächster Zäit, dat ass d'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss. Eng Etude vum Bureau Schroeder & Associés hat jo en boulevard extérieur virgesin: d.h. d'Hogenbergstrooss kënnt jo aus der Industriezone a soll an der Déportatiounsstrooss erauskommen, fir da spéider iwwert déi nei Eisebunnsbréck op den neie boulevard de Hollerich gefouert soll ginn. Mir haten d'Parteie während hirer Wahlcampagne drop ugesprach wéi si dat géife gesinn : d'LSAP an d'CSV hun sech do géint ausgesprach an déi Gréng hu gesot et géifen nach Etudë gemaach ginn. Mir hunn de Schäfferot gefrot wéi et dann elo mat der Verlängerung vun der Hogenbergstrooss ausgesäit an si hun eis confirméiert dat eng nei Etude am gaangen ass, mä et kënnt sinn dat Strooss ënnerbrach gëtt an dann just géif den neie Quartier desservéieren. Duerfir misst een awer de PAP Wakebierg ofwaarden. Am Prinzip wären se net méi esou waarm fir e Boulevard extérieur.

Spillplazen

Awunner eis der Briandstrooss hun eis gesot dat si e Bréif un d'Gemeng gemaach hunn fir dat déi kleng Spillplaz méi attraktiv sollt gemaach ginn, z.b. mat engem Ping-pongsdësch. Si hu gefrot fir dat mir si sollen op der Gemeng ënnerstëtzen, well mir eis jo schonn e puermol schrëftlech mat deem Sujet un Stad Lëtzebuerg gewannt hunn hu mir eis Demande fir eng Spillplaz an der aler Kolonie réitéréiert an anengems gefrot fir dat déi Leit an der Briandstrooss solle Satisfaktioun kréien. Entretemps ass déi Installatioun geschitt a mir hunn dem Schäfferot an eiser leschter Entrevue gefrot wéi et dann mat enger neier Spillplaz wär. De PAP Wakebierg, de Projet also tëschent der rue Mozart an der Rue Richard Wagner, wou et jo virgesin ass +/- 300 Wunnengen ze bauen, dat sin Residenzen an Familljenhaiser, wärt an 5-10 Joer ugoen, sou dat déi Responsabel eis gesot hun dat fir si eng Méiglechkeet gif bestoen eng provisoresch Spillplaz an deem Secteur ze maachen. Elo kucken si wat méiglech ass. Et sinn vill jonk Stéit mat Kanner op Gaasperech geplënnert an duerfir ass et elo wichteg dat eppes ënnerholl gëtt.

Place Sauerwiss

De 26 Juli 2006 si mir vun der Mme Viviane Loschetter an hire Servicer informéiert ginn dat d'Spillplaz op der Place Sauerwiss net méi de Norme géif entspriechen an duerfir géif si ofgeschaf ginn. De Service des Parcs sollt e Projet ausschaffen an dee Projet sollt dem Syndicat viru senger Realisatioun presentéiert ginn. Den 11. Januar 2008 an enger Reunioun mat de selwechte Leit si mir dunn informéiert ginn, datt d'Réaménagement vun der Place Sauerwiss géif reportéiert ginn. Mat Erstaunen hu mir dunn festgestallt, wéi an der Zeitung vum 16.5.2009 den Avis d'adjudication fir eng Soumissioun vun de Reaménagementsaarbechte vun der Place Sauerwiss stoung. Well mir jo net doriwwer informéiert gi sinn, wéi dat ofgemaach war, hate mir un d'Gemeng geschriwwen a mir kruten als Äntwert, datt keng Ännerung zum initiale Plang géif bestoen, wat awer elo do virgesin ass : keng Ahnung, just datt Madame Loschetter eis gesot huet, si hätten Nofro fir nach en 2. Bouleterrain ze maachen an dee géif dann op d'Place Sauerwiss kommen. Mir hunn doropshin am Abrëll d'lescht Joer e Rappel gemaach a gefrot fir op der Plaz e Musekkiosk ze maachen. An der Entrevue déi mir mam Schäfferot hate, krute mir gesot dat et flott wär wann d'Aktivitéiten am tronçon Tony Bourg respektiv um Parvis bei der Auer géifen ofgehale ginn, dat wär jo den « Duerfkär » do kënnte Leit déi laanscht fuere stall halen an sech un de Fester bedeelegen. Mir froen eis just wou sollen si stallhalen ? Déi Responsabel aus den Servicer hunn eis gesot dat d'Aménagement vun der Place Sauerwiss sou virgesin wär wéi een am Midi halt Boule spillt,…ënner Beem, am Kräsi et sollt vun Ufank un kee fest Concept sinn wéi de Bouleterrain an der Chevalierstrooss. Si kucken awer elo nach no wéi d'Plaz kënnt méi attraktiv gemaach gin.

Fixerstuff

An deem Dossier ass den Ament net vill neies. D'Regierungs- an Kommunalpolitiker halen nach ëmmer um Site beim Paul Wurth fest. Nodeem dat jo Paul Wurth am Kader vun hirer Reklamatioun op der Cour administrative Recht krut, ass d'Baugenehmegung an den Commodo/incommodo hifälleg ginn. Natierlech gëtt elo gesot d'Terraine géifen dann eben am PAG ëmklasséiert gi fir ze erméiglechen, datt d'Fixerstuff awer op déi Site komme soll. Ech rappeléieren nach eng Kéier : d'critères d'appréciation fir dëse Site hun an der Etude bewisen :Points positifs pour le site « Bonnevoie » 10 - Points positifs pour le site « rue d'Alsace » 8 - Points négatifs pour le site « Bonnevoie » 4 - Points négatifs pour le site « rue d'Alsace » 7. Firwat ginn Etudë gemaach wou dann herno souwisou keen sech drun hält. Déi nei provisoresch Struktur op der jëtzege Plaz awer méi zréck vun der Strooss ass elo kuerz ageweit ginn. De Käschtepunkt beleeft sech op 2 Mio € déi Stad Lëtzebuerg bezilt. (An hei nach e puer Chifferen : d'Fixerstuff gëtt vun ongeféier 100.000 Leit am Joer besicht; 2011 : 216.500 seringues utilisées 2005 = 77.500 – 2 Mio € VdL plus 2 Mio € Comité national de défense sociale par le biais Min. Santé = salaires pour trentaine de personnes- 150 Cliente den Dag).

D'lescht Joer war rëm keen Comité de prévention élargi mä duerfir 2 Comités de prévention restreints wou et ëm d'Evolutioun a Statistike vun der Police iwwert Kriminalitéit an ëm Evaluatioun vun de Kamera'en an der Stad an op der Gare gaangen ass.

Zesumme mam Hollerecher Interesseveräin hate mir e Bréif un d'Gemeng adresséiert fir ze froen, datt um Kierfecht zu Hollerech de Pavé op de Weeër soll ausgebessert ginn a fir Parkplazen ze schafen direkt virum Kierfecht. Mir kruten als Äntwert, dat et net méiglech wär fir virum Kierfecht d'Parkplazen ze schafen. Ronderëm Kierch zu Hollerech sinn och genuch Plazen disponibel déi enger Etude no déi vum Service Parking vun der Gemeng gemaach ginn ass normalerweis nëmmen zu 75% besat sin an esou ëmmer eng Plaz ze fannen ass. Bei der Neigestaltung vum Îlot ronderëm Kierch gëtt eis Demande fir Parking mat considéréiert.

Mir hunn bei eisem RV drop opmierksam gemaach dat de Parking hei beim Home Terrain vun den Oeuvres respektiv vun der Kierchefabrik sinn an dat et ëmmer e Parking ouvert au Public war awer net wéi elo ausgezeechent als Parking public. Ausserdeem hu mir drop opmierksam gemaach dat duerch de Chantier nieft der Kierch de Makadamm zimlech strapazéiert ginn ass. Mir krute gesot dat mir sollen dem Proprietaire matdeelen dat hie sollt Gemeng an deem Sënn uschreiwen.

D'Sécuritéit

Am Kader vun der Organisatioun vun eiser Soirée an dem Concert hu mir der Direktioun vun der Police e Courrier gemaach a mir hu gefrot dat zu deenen Zäite Kontrollen an eisem Quartier solle gemaach ginn. Mir sinn och der Meenung dat net nëmmen op der Gare bei de Schinne gedealt gëtt mä och soss dorëmmer. De beschte Beweis hate mir elo wéi am Nomëtteg eng Persoun beim Skaterpark ugegraff ginn ass wëll si net konnt soe wou Droge verkaf gin a wou den Täter aus dem E'sléck komm ass. Duerfir si mir net einfach géint Fixerstuff hei bei eisem Quartier fir dergéint ze sinn mä mir fäerte fir eis Sécherheet.

Mir hunn gefrot wéi mir beim Schäfferot waren fir d'Zebrasträife besser ze beliichten. Do krute mir gesot datt Quartiere'en vun der Stad géifen no an no besser securiséiert ginn. Mir sinn vun eisem Polizeikommissär informéiert ginn dat d'Membere vun eisem Kommissariat eng Etude gemaach hunn fir d'Gluckstrooss ze berouegen. Déi Etude ass op der Gemeng ukomm an d'Servicer maachen eng Evaluatioun vun der Etude. Mir froen eis firwat dat zu Gaasperech keng Berouegungen kënnen installéiert gi wéi an aneren Deeler vun der Stad : z.b. um Kierchbierg oder zu Hollerech.

D'Erhéijung vun den Tariffer vun Numéricable der fréier Coditel

Mir hunn e Courrier un de Ministère de l'Economie gemaach wëll mir vu verschidde Memberen ugesprach gi sinn wéinst der Erhéijung vun den Tariffer vun Numericable. Den Dossier ass an de Conseil de la concurrence weidergereecht gin. Kopie vun dem Bréif hu mir un den Institut Luxembourgeois de Régulation, Union des Consommateurs an un d'Usill weidergi wëll et jo e Problem vun der ganzer Stad ass resp. vun deene Leit déi nach do abonnéiert sinn.

Wéi all Joer hunn mir de Bréif vun der Gemeng wou et ëm Fréijoersbotz geet un déi lokal Veräiner weiderginn. Haut krute mir déi Bréif fir Fréijoersbotz 2012 : si geet den 19. Mäerz un bis de 06. Abrëll a wann Dir wëllt drun partizipéieren oder wann Dir wëllt är Doléancë lass gi konnt dir op den Allô Propreté uruffen.

Eng Fuerderung vum IVG un d'Gemengenautoritéiten: Vun 2005 un, kritiséiere mir, datt d'Rapporte vun de Sëtzungen, den Analyteschen also, esou spéit erauskommen,

ausserdeem hu mir d’Publikatioun vun de Rapporte vun de Kommissioune gefrot. Leider hu mir bis haut keng Satisfaktioun kritt. Mir begréissen a felicitéieren de Schäfferot dat d’Sëtzunge vum Gemengerot elo op www.livestream.hotcity.lu no ze lauschtere sinn an herno och am Archiv ze fanne sinn, mä da sollen och déi integral Sëtzungen drop sinn a net esou datt eng Ausso déi gemaach gouf a net gutt dobaussen ukënnt gestrach gëtt. Wéi z.b. an der Sëtzung vum 6. Februar dëst Joer.

Mir hun bei eisem RV mam Schäfferot gefrot wat et dann elo mat deene „comités du quartier“ op sech hätt. Am LW konnt ee liesen dat Bierger an Zukunft kënnen hiren Beitrag zum Budget bäidroen. Mir kruten gesot dat nach guer näischt decidéiert wär. D’Instauréiere vun esou comité'en stoung am Wahlprogramm vun déi Gréng an am Accord de Koalitioun. Et sollt keng Institutioun sinn déi d’Syndikat’en gif verdrängen, et leit och nach näischt um Dësch a si géifen sech emol d’Situatioun op Freiburg ukucke goen datt wär nämlech e flott Beispill wéi et kéint fonctionnéieren. Eng Affaire à suivre also..

Eis Ideologie besteet doranner, datt mir mat de Leit aus dem Quartier wëlle schaffen an net géinteneen. Mir sinn eis och bewosst, datt een et net jidderengem ka richteg maache, mä mir versichen e Mëttelwee ze fannen, dat misst jo awer goen.

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff